N° 6477
Reçue le 13.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 13.07.2022

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/07/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Interieur weiderzeleeden.**

*«Wir werden nicht alle in den Maisons Relais aufnehmen können»,* esou titelt *L'essentiel* een Artikel vum 2te Juli. D'Regierung huet jo decidéiert, dass dës Zort Betreiungsstrukturen an Zukunft solle gratis ginn. Dës Decisioun wäert mam Gesetzesprojet 7986, deen den 12te Juli an der Chamber gestëmmt gouf, realiséiert ginn.

Allerdéngs, an esou gouf et an der Chamberssitzung gesot, kënnen net all Familljen Usproch vun dësem gratis Service huelen, well et, jee no Gemeng, an de Maisons Relais'en keng Platze méi gëtt. A verschiddene Gemenge si 500 Kanner op de Waardelëschte fir ugeholl kënnen ze ginn. Dës Situatioun blockéiert d'Elterendeeler, déi fir d'Betreiung vun hire Kanner selwer opkomme **mussen**. Gläichzäiteg ass d'Gläichheet vun de Chancë fir d'Kanner am aktuelle Kontext net garantéiert, well de Prinzip gëllt: wer zuerst kommt, malt zuerst. Schliisslech huet d'ëffentlech Petitioun n°2061 net fir näischt als Titel gehat: *"Ënnerstëtzung fir d'Elteren deenen hier Kanner NET an eng Maison relais ginn".*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. De Minister hat op d'Fro n°6162 geäntwert, dass de Staat keen Abléck op d'Waardelëschte vun de Maisons Relais hätt, well des vun den eenzele Gestionnairë gefouert ginn. Gläichzäiteg finanzéiert de Staat dës Strukturen awer all Joer mat Milliounebeträg. Wéi wëll d'Regierung den Impakt vun hirer Politik verstoen, wann se mol net d'Demande fir dës politesch Moossnam identifizéiere kann?

   Am Fall, wou een an der Tëschenzäit awer Donnéeën zu der Waardelëschte sollt hunn: Wéi grouss sinn aktuell d'Waardelëschten, opgelëscht no Gemeng a wéi vill Maisons Relais'en feelen aktuell, opgelëscht no Gemeng?

2. Gedenkt d'Regierung iergendeppes um nationale Plang z'ënnerhuelen, fir dass d'Kanner am ganze Land Usproch op eng Plaz an der Maison Relais kënnen hunn onofhängeg dovunner, a wéi enger Gemeng se wunnen?

3. Wéi fënnt d'Regierung d'Iddi, dass Elteren, déi ee schrëftleche Refus krute fir eng Plaz an enger Maison Relais, op mannst d'Suen vum d'Mëttegiessen, dat jo hei gratis ass, vum Staat oder der Gemeng ausbezuelt géife kréien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député